Panasonic



BETRIBSINSTRUKTIOUNEN

Tablet-Computer

Modell Nr. **FZ-A1** Serie

Inhalter

Lies Mech Fir D'Éischt

Sécherheetsmoossnamen....2
Behördlech Informatiounen....6

Ufänken

Aleedung....10
Beschreiwung vun den Deeler....11
Éischtbetrib....13
An-/Ausschalten a Rouzoustand/Erwächen....16
Input-Operatiounen....17

Nëtzlech Informatiounen

Gebrauch a Fleeg....19

Problemléisung

Problemléisung (Grondlagen)....22

Unhang

Spezifikatiounen....25

Fir weider Informatiounen iwwer dëse Computer kënnt Dir lech d'Handbuch um Schierm ukucken, andeems Dir folgend Schrëtt befollegt.
Beréiert ⊞ -
[OnlineManual (OnlineHandbuch)].
Wa méi wéi een Handbuch um Schierm virbereet sinn, sinn hir Nimm am ënneschte Schrëtt opgelëscht. Beréiert en Handbuch aus der Lëscht, op dat Dir zougräife wëllt.

Liest w.e.g. dës Instruktioune suergfälteg éiert Dir dëst Produkt benotzt, a späichert dëst Handbuch fir de spéidere Gebrauch.

Sécherheetsmoossnamen

Fir de Risiko vu Verletzungen, Doud, Stroumschléi, Feier, Feelfunktiounen, a Schied un Ausrëschtung oder Besëtz ze vermeiden, beuecht ëmmer déi folgend Sécherheetsvirkéierungen.

Erklärung vu Symbol-/Wuerttafelen

Déi folgend Symbol-/Wuerttafele gi benotzt, fir de Grad vu Geforen, Verletzungen, a Schied u Besëtz ze beschreiwen, déi verursaacht ginn, wann den Hiwäis mëssuecht gëtt, an eng falsch Benotzung antrëtt.

⚠ GEFOR

Weist op eng potentiell Gefor hin, déi zu schwéiere Verletzungen oder Doud féieren.

⚠ WARNUNG

Weist op eng potentiell Gefor hin, déi zu schwéiere Verletzungen oder Doud féiere kéinten.

⚠ OPGEPASST

Weist op eng Gefor hin, déi zu liichte Verletzunge féieren.

BEMIERKUNG

Weist op eng Gefor hin, déi zu Schied u Besëtz féieren.

Déi folgend Symboler gi benotzt, fir d'Aart un Instruktiounen ze klassifizéieren an ze beschreiwen, déi befollegt solle ginn.

⊘	Dëst Symbol gëtt benotzt fir Benotzer op bestëmmt Betribsprozesser hinzeweisen, déi net ausgeféiert däerfe ginn.
❗	Dëst Symbol gëtt benotzt fir Benotzer op bestëmmt Betribsprozesser hinzeweisen, déi befollegt musse ginn, fir den Apparat sécher ze bedreiwen.

⚠ WARNUNG

⊘	**Luet d'Batterie Net Mat Hëllef Vun Enger Anerer Method, Wéi Déi Virgeschriwwen** Wann d'Batterie net mat Hëllef vun enger vun de virgeschriwwene Methode geluet gëtt, kënnen Elektrolytfuiten, Iwwerhëtzung, Entflamung oder Opplatze vun der Batterie optrieden.
⊘	**Geheit d'Produkt Net An d'Feier oder Setzt Et Exzessiver Hëtzt Aus** Doduerch kann Hëtzt an der Batterie entstoen, se kann entflamen oder opplatzen.
⊘	**Vermeit Extrem Hëtzt (zum Beispill No beim Feier, Am Direkte Sonneliicht)** Doduerch kënnen Elektrolytfuiten, Hëtztentwécklung an der Batterie entstoen, se kann entflamen oder opplatzen.
⊘	**Setzt Keng Schaarf Géigestänn An déi Bannescht Batterie an, Huelt se Net Auserneen, a Modifizéiert Se net** Doduerch kënnen Elektrolytfuiten, Hëtztentwécklung an der Batterie entstoen, se kann entflamen oder opplatzen.
⊘	**Setzt d'Produkt Kenge Stéiss Aus, Andeems Dir et Fale Loosst, Staarken Drock Doropper Ausübt, asw.** Doduerch kënnen Elektrolytfuiten, Hëtztentwécklung an der Batterie entstoen, se kann entflamen oder opplatzen. • Wann dëst Produkt engem staarke Stouss ausgesat gouf, haalt direkt op en ze benotzen.
❗	**Wann d'Batterie beschiedegt gouf, kontaktéiert Ären techneschen Supportsbüro fir d'Batterie z'ersetzen** Eng beschiedegt Batterie weiderhin ze benotzen, kann zu Hëtztentwécklung féieren, Entflamen oder Opplatze vun der Batterie féieren.

⚠ WARNUNG

Wann eng Feelfunktioun oder e Problem Optrëtt, Haalt Direkt Mat der Benotzung Op

Wann eng Feelfunktioun Optrëtt, Zéit Direkt den Netzstecker

- Dëst Produkt ass beschiedegt
- Friemkierper an dësem Produkt
- Dampentwécklung
- Entwécklung vun ongewinntem Geroch
- Ongewéinlech waarm

D'Produkt weiderhin ze benotzen, wann eng vun den uewe genannte Konditiounen antrëtt, kann zu Feier oder Stroumschléi féieren.

- Wann eng Feelfunktioun oder Problemer optrieden, schalt direkt de Stroum of an zéit den Netzstecker. Kontaktéiert dann den technesche Supportsbüro fir d'Reparatioun.

Dëst Produkt Net an Engem Donnerwieder Beréieren, Wann et mam Netzkabel oder Anere Kabele Verbonnen Ass

Dat kann zu Stroumschléi féieren.

Verbannt d'Netzdeel Mat Kenger Anerer Stroumquell, Wéi enger Standard Haushaltssteckdous

Soss kann dat zu engem Feier wéinst Iwwerhëtzung féieren.
D'Netzdeel mat engem Gläichstroum-/Wiesselstroumkonverter (Inverter) ze verbannen, dann et beschiedegen.
Verbannt d'Netzdeel/de Luedapparat an engem Fliger nëmme mat enger speziell dofir zougeloosser Steckdous.

Maacht Näischt, Wat den Netzkabel, den Netzstecker, oder d'Netzdeel Beschiedege Kéint

Beschiedegt oder modifizéiert, béit, verdréit de Kabel net, plazéiert en net nieft waarmt Geschir, oder zéit fest drun, plazéiert keng schwéier Géigestänn drop, a bannt en net fest zesummen.
E beschiedegte Kabel weiderhin ze benotzen, kann zu Feier, Kuerzschléss oder Stroumschléi féieren.

Zéit Net Um Netzstecker oder Stiecht en An d'Steckdous, Wann Är Hänn Naass Sinn

Dat kann zu Stroumschléi féieren.

Botzt den Netzstecker Regelméisseg Vu Stëbs an Anerem Dreck

Wa sech Stëbs oder aneren Dreck um Stecker sammelt, ka Fiichtegkeet, asw. en Defekt an der Isolatioun verursaachen, wat zu engem Feier féiere kann.

- Zéit de Stecker, a botzt e mat engem dréchene Stoff.Zéit de Stecker, wann de Computer fir e laangen Zäitraum net benotzt gëtt.

Stiecht den Netzstecker Komplett An

Wann de Stecker net komplett agestach ass, kann dat e Feier duerch Iwwerhëtzung oder e Stroumschlag zur Folleg hunn.

- Benotzt kee beschiedegte Stecker oder eng labber Steckdous.

Maacht d'Steckerofdeckung Gutt Zou, Wann Dëst Produkt Benotzt Gëtt Wou Vill Waasser, Fiichtegkeet, Donst, Stëbs, Uelegeg Dämp, asw. Sinn

D'Andrénge vu Friemkierper ka Feier oder Stroumschléi verursaachen.

- Wann Friemkierper e Wee no banne fannen, schalt direkt de Stroum of an zéit den Netzkabel. Kontaktéiert dann den technesche Supportsbüro.

Dëst Produkt Net Auserneen Huelen

Dir kéint e Stroumschlag kréien, oder et kënne Friemkierper andréngen an zu engem Feier féieren.

Haalt microSD-Späicherkaarte Vu Puppelcher a Klenge Kanner Ewech

Onbeofsichtegt Verschlécke kann zu Kierperschied féieren.

- Bei onbeofsichtegtem Verschlécken, sicht direkt en Dokter op.

Net Benotzen Andeems d'Haut Dësem Produkt Fir e Laangen Zäitraum Ausgesat Gëtt

Dëst Produkt ze benotzen, andeems d'Haut der Hëtztquell vun dësem Produkt oder dem Netzdeel fir e laangen Zäitraum ausgesat ass, kann eng Niddreg-Temperatur-Verbrennung verursaachen.

Dréit den Toun Net Ze Haart, Wann Dir Kopfhörer Benotzt

Mat héijem Toun ze lauschteren, deen d'Ouere fir e laangen Zäitraum iwwerstimuléiert, kann zum Gehéierverloscht féieren.

Sécherheetsmoossnamen

⚠ OPGEPASST

Dëst Produkt Net op Onstabile Fläche Plazéieren
Wann d'Gläichgewiicht verluer gëtt, kann dëst Produkt ëm- oder eroffalen, wat zu enger Verletzung féiere kann.

Stapele Vermeiden
Wann d'Gläichgewiicht verluer gëtt, kann dëst Produkt ëm- oder eroffalen, wat zu enger Verletzung féiere kann.

Dëst Produkt Net fir e Laangen Zäitraum an Engem Ëmfeld Mat Héijen Temperature Loossen
Dëst Produkt ze loossen, wou et extrem héijen Temperaturen ausgesat ass, wéi nieft engem Feier oder an direktem Sonneliicht, kann d'Gehais verformen an/oder Problemer un den internen Deeler verursaachen. Fortgesat Benotzung a sou enger verursaachender Konditioun kann zu engem Kuerzen oder Isoléierungsdefekter, asw. féieren, wat erëm zu Feier oder Stroumschléi féiere kann.

Haalt de Stecker Fest, Wann Dir den Netzstecker Zéit
D'Zéien um Kabel kann de Kabel beschiedegen, wat zu Feier oder Stroumschléi féiert.

Verréckelt Dëst Produkt Net, Soulaang den Netzstecker Verbonnen Ass
Den Netzkabel ka beschiedegt ginn, wat zu Feier oder Stroumschléi féiert.
• Wann den Netzkabel beschiedegt ass, zéit direkt den Netzstecker.

Benotzt Nëmmen dat Spezifizéiert Netzdeel Mat Dësem Produkt
En anert Netzdeel ze benotzen, wéi dat wou matgeliwwert gëtt (mat dem Apparat matgeliwwert oder separat als Accessoire verkaf) kann zu Feier féieren.

Setzt d'Netzdeel Kengem Staarke Stouss Aus
D'Netzdeel no engem staarke Stouss ze benotzen, wéi engem Stuerz, kann zu engem Stroumschlag, Kuerzen, oder Feier féieren.

Maacht All Stonn eng Paus Vun 10-15 Minutten
Dëst Produkt iwwert e laangen Zäitraum ewech ze benotzen, ka schiedlech Auswierkungen op Aen oder Hänn hunn.

D'Haut Net Dësem Produkt Aussetzen, Wann d'Produkt An Engem Waarmen Oder Kalen Ëmfeld Benotzt Gëtt
Dat kann zu Niddreg-Temperaturen-Verbrennungen, oder Erfréierunge féieren.
• Wann et noutwenneg ass, d'Haut dësem Produkt auszesetzen, fir zum Beispill e Fangerofdrock ze scannen, féiert dës Operatioun an der kierzest méiglecher Zäit aus.

BEMIERKUNG

- Plazéiert de Computer net nieft en Tëlees- oder Radiosempfänger.
- Haalt de Computer vu Magnéiter ewech. Daten, déi op dem Flash-Späicher gespäichert sinn, kënne verluer goen.
- Dëse Computer ass net fir den Affichage vu Biller geduecht, déi bei medizineschen Diagnose benotzt ginn.
- Dëse Computer ass net fir d'Benotzung a Verbindung mat medizinescher Ausrëschtung geduecht, déi fir medizinesch Diagnose benotzt gëtt.
- Panasonic kann net haftbar gemaach gi fir den Dateverloscht oder aner zoufälleg oder Schied, déi sech aus der Benotzung vun dësem Produkt erginn.
- Wann dëse Computer fir e laangen Zäitraum net benotzt gëtt (ee Mount oder méi), luet oder entluet (benotzt) d'Batterie, bis den iwwrege Batteriesniveau tëscht 30 % bis 40 % läit, a lagert d'Produkt op enger killer, dréchener Plaz.
- Dëse Computer verhënnert d'Iwwerluedung von der Batterie, andeems nëmme opgeluet gëtt, wann den iwwrege Stroum ënnert ca. 95 % vun der Kapazitéit läit.
- D'Batterie ass net opgeluet, wann de Computer déi éischt Kéier kaf gëtt. Stellt sécher, datt Dir se opluet, éiert Dir se fir d'éischt benotzt. D'Opluede fänkt direkt un, wann d'Netzdeel mat dësem Computer verbonnen ass.
- D'Aen net reiwen, wann d'Batterie auslafen an d'Flëssegkeet an Är Ae gelaange sollt. Spullt Är Aen direkt mat kloerem Waasser aus a sicht sou séier wéi méiglech en Dokter op, fir Iech medizinesch behandelen ze loossen.

NOTIZ

- D‘Batterie ka während dem Oplueden oder der normaler Benotzung waarm ginn. Dëst ass ganz normal.
- D‘Opluede fänkt net un, wann déi intern Temperatur vun der Batterie baussent dem erlaabten Temperatursberäich (0 °C bis 50 °C) läit.
  D‘Opluede fänkt automatesch un, soubal déi erlaabt Beräichsufuerderungen erfëllt sinn. Beuecht, datt d‘Opluedzäit op Gronn vun de Benotzungskonditioune variéiert. (D‘Opluede brauch méi laang wéi normal, wann d‘Temperatur bei 10 °C oder manner läit.)
- Wann d‘Temperatur niddreg ass, ass d‘Betribszäit verkierzt. Benotzt de Computer nëmmen bannent dem erlaabten Temperatursberäich.
- D‘Batterie ass e Verbrauchsgéigestand. Wann d‘Zäit, déi de Computer mat enger bestëmmter Batterie benotzt ka ginn, sech dramatesch verkierzt an e widderhollt Opluede seng Leeschtung net restauréiert, sollt d‘Batterie duerch eng nei ersat ginn. Kontaktéiert Ären technesche Supportsbüro.
- Schalt de Computer ëmmer of, wann en net benotzt gëtt. Wann de Computer ugelooss gëtt, wann d‘Netzdeel net verbonnen ass, gëtt déi iwwreg Batterieskapazitéit opgebraucht.

DËST PRODUKT ASS NET GEDUECHT FIR D‘BENOTZUNG ALS, ODER ALS DEEL VUN, NUKLEARAUSRËSCHTUNG/ SYSTEMER, AUSRËSCHTUNG/SYSTEMER FIR D‘KONTROLL VUM FLUCHVERKÉIER, COCKPITSAUSRËSCHTUNG/-SYSTEMER A FLIGEREN *1, MEDIZINESCH APPARATER ODER ACCESSOIREN *2, LIEWENSERHALEND SYSTEMER ODER ANER AUSRËSCHTUNG/ APPARATER/SYSTEMER, DÉI MAT DEM ERHALE VUM LIEWEN ODER DER SÉCHERHEET VU MËNSCHEN ZE DINN HUNN. PANASONIC ASS NET RESPONSABEL FIR IERGEDNWELLECH HAFTUNG, DÉI SECH AUS DER BENOTZUNG VUN DËSEM PRODUKT AM ZESUMMENHANG MAT DE VIRDRU GENANNTE BENOTZUNGEN ERGËTT.

*1 COCKPITSAUSRËSCHTUNG/-SYSTEMER A FLIGEREN ëmfaassen Class2 Electrical Flight Bag (EFB)-Systemer a Class1 EFB-Systemer, wa se während kritesche Phase vum Fluch benotzt ginn (z. B. während dem Start an der Landung) an/oder um Fliger ubruecht sinn. Class1 EFB-Systemer an 2 EFB-Systemer gi vun der FAA definéiert: AC (Advisory Circular) 120-76A oder JAA: JAA TGL (Temporary Guidance Leaflets) Nr.36.

*2 Wéi an der European Medical Device Directive (MDD) (Riichtlinn iwwer Medizinesch Apparater) 93/42/EWG definéiert.

Panasonic ka keng Spezifikatiounen, Technologien, Funktiounssécherheet, Sécherheetufuerderungen (z. B. Flambarkeet/ Damp/Toxicitéit/Radiosfrequenzemissiounen, asw.) garantéieren, déi mat Fluchstandarden an medizinescher Ausrëschtung ze dinn hunn, déi vun de Spezifikatioune vun eise COTS-Produkter (Commercial-Off-The-Shelf) ofwäichen.

Dëse Computer ass net fir de Gebrauch a medizinescher Ausrëschtung, inklusiv Liewenserhalungssystemer, Fluchverkéierskontrollssystemer, oder aner Ausrëschtung, Apparater oder Systemer, déi mat dem Erhale vu Liewen a Sécherheet vu Mënschen ze dinn hunn, geduecht. Panasonic kann a kengster Weis fir iergendwellech Schied oder Verloschter responsabel gemaach ginn, déi sech aus der Benotzung vun dësem Apparat an dësen Aarte vun Ausrëschtung, Apparater oder System, asw. erginn.
Dëse Computer gouf entworf, fir Stéiss um LCD, d‘Andrénge vu Flëssegkeet (z. B., Waasser) iwwert d‘Knäppercher, asw. ze minimiséieren, awer et ka keng Garantie fir sou Problemer iwwerholl ginn. Gitt dowéinst ganz gutt Uecht wann Dir mat dësem Prezisiounsinstrument schafft.

Behördlech Informatiounen

Informatioune fir de Benotzer

Dëst Produkt an Är Gesondheet
Dëst Produkt, wéi aner Radiosapparater och, straalt Radiosfrequenzen (elektromagnéitesch Energie) aus. Den Niveau u vun dësem Produkt ausgestraalt Energie ass awer bei wäitem méi geréng, wéi d'elektromagnéitesch Energie, déi vun drotlosen Apparater, wéi zum Beispill Handyen, ausgestraalt gëtt.
Well dëst Produkt geméiss de Riichtlinne funktionéiert, déi an de Radiosfrequenz-Sécherheetsstandarden an -Recommandatiounen ze fanne sinn, si mir der Meenung, datt dëst Produkt fir eng Benotzung duerch Konsumente sécher ass. Dës Standarden a Recommandatiounen spigelen de Konsens vun der wëssenschaftlecher Communautéit widder a sinn d'Resultat vu Berodungen vu Gremien an Komiteeën vu Wëssenschaftler, déi stänneg ëmfangräich Fuerschungsliteratur duerchginn a se interpretéieren.
An e puer Situatiounen oder Ëmfelder kann d'Benotzung vun dësem Produkt duerch de Besëtzer vum Gebai oder de Representante vun der Organisatioun ageschränkt sinn. Dës Situatioune kënnen zum Beispill ëmfaassen:

- Dëst Produkt u Bord vu Fligeren ze benotzen, oder
- An iergendengem aneren Ëmfeld, wou de Risiko vun Interferenze mat aneren Apparat oder Servicer als schiedlech ugesinn oder identifizéiert gëtt.

Wann Dir onsécher sidd, wéi eng Bestëmmungen op d'Benotzung vu drotlosen Apparater an enger bestëmmter Organisatioun oder engem bestëmmten Ëmfeld (z. B. Fluchhäfen) zoutreffen, sollt Dir léiwer ëm d'Autorisatioun froen, d'Produkt benotzen ze dierfen éier Dir et aschalt.

Behördlech Informatiounen
Mir sinn net responsabel fir iergendwellech Radios- oder Téleesinterferenzen, déi duerch net autoriséiert Ännerunge vun dësem Produkt optrieden. D'Ausbesserung vun Interferenzen, déi vu sou net autoriséierte Modifikatioune verursaacht ginn, ënnerläit der Responsabilitéit vum Benotzer. Mir an eis autoriséiert Vertriibspartner oder Distributeure sinn net haftbar fir Schied oder d'Verletzung vu Regierungsvirschréften, déi sech doraus erginn, datt dës Richtlinnen net agehale kënne ginn.

26-LB-1

Lithium-Batterie

Lithium-Batterie!
Dëse Computer enthält eng Lithium-Batterie, fir z'erméiglechen, datt den Datum, d'Zäit, an aner Date kënne gespäichert ginn. D'Batterie sollt nëmme vun autoriséiertem Servicepersonal ersat ginn.
Warnung! Et ka méiglecherweis zu engem Explosiounsrisiko duerch onsaachgeméiss Installatioun oder falsch Unwendung kommen.

15-LB-1

Informatioune fir Benotzer iwwer d'Sammelen an d'Entsuerge vun Aler Ausrëschtung a Verbrauchte Batterien

Dës Symboler um Produkt, op der Verpakung, an/oder déi dem Produkt bäileien, bedeiten, datt verbraucht elektresch an elektronesch Produkter a Batterien net mat allgemengem Hausoffall z'entsuergen.
Fir eng richteg Behandlung, Réckgewënnung an de Recyclage vun ale Produkter a verbrauchte Batterien, bréngt se w.e.g. zu den dofir virgesinne Sammelpunkten, geméiss Ären nationale Gesetzer an der Riichtlinn 2002/96/EC an 2006/66/EC. Andeems Dir dës Produkter a Batterië richteg entsuergt, hëlleft Dir dobäi, wäertvoll Ressourcen z'erhalen, an iergendwellech potentiell negativ Auswierkungen op d'Gesondheet vun de Mënschen an der Ëmwelt ze verhënneren, déi sech aus onsaachgeméisser Offallbehandlung erginn.
Fir weider Informatiounen iwwer d'Sammlung an de Recyclage vun ale Produkter a Batterien, kontaktéiert w.e.g. Är zoustänneg Geméng, Ären Offallsentsuergungsservice oder de Verkafspunkt, wou Dir d'Artikel kaf hutt.
Geméiss der nationaler Legislatioun kënne Strofe fir falscht Entsuerge vun dësem Offall verhaange ginn.

Fir geschäftlech Benotzer an der Europäescher Unioun
Wann Dir elektresch an elektronesch Ausrëschtung entsuerge wëllt, kontaktéiert w.e.g. Äre Verkeefer oder Fournisseur fir weider Informatiounen.

[Informatiounen iwwer d‘Entsuergen an anere Länner baussent der Europäescher Unioun]
Dës Symboler gëllen nëmmen an der Europäescher Unioun. Wann Dir dëst Produkt entsuerge wëllt, kontaktéiert w.e.g. Är lokal Autoritéiten oder Verkeefer a informéiert Iech iwwer déi richteg Entsuerungsmethod.

Notiz fir d‘Batteriessymbol (Buedem zwee Symbolsbeispiller):
Dëst Symbol kann a Kombinatioun mat engem chemesche Symbol benotzt ginn.
An deem Fall ënnerläit se den Ufuerderungen, déi vun der Riichtlinn fir déi involvéiert Chemikalie festgeluecht sinn.

53-LB-1

Sécherheetsvirkéierunge fir drotloost WAN

<Nëmme fir Modell mat drotlosem WAN>
Déi folgend Sécherheetsvirkéierung musse während alle Phase vum Betrib, der Benotzung dem Service oder der Reparatur vun all Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem befollegt ginn. Hiersteller vu Mobilfunkadapteren ginn dozou opgeruff, Benotzer a Bedéngungspersonal folgend Sécherheetsinformatioune matzedeelen, an dës Riichtlinnen an all Handbicher, déi mam Produkt geliwwert ginn, anzebannen. D‘Netanhale vun dës Virsiichtsmoossname verletzt d‘Sécherheetsstandarde vum Design, der Hirstellung an der virgesinner Benotzung vum Produkt. Panasonic iwwerhëlt keng Haftung dofir, wann de Konsument dës Virsiichtsmoossnamen net anhält.

Beuecht d‘Aschränkunge fir d‘Benotzung vu Handyen, wann Dir Iech an engem Spidol oder enger anerer medizinescher Ariichtung befannt. Schalt Computere mat integréiertem drotlosem WAN-Modem aus, wann déi an engem sensibele Beräich ausgehaange Riichtlinnen dat verlaangen. Medizinesch Ausrëschtung ka sensibel op RF-Energie reagéieren. De Betrib vun Häerzschrëttmécher, anerer implantéierter medizinescher Ausrëschtung an Hörapparater kënnen duerch Interferenze vu Computere mat integréiertem drotlosem WAN-Modem beaträchtegt ginn. Wann Dir Iech iwwer méiglech Geforen net sécher sidd, kontaktéiert den Dokter oder den Hirsteller vum Apparat, fir z‘iwwerpréiwen, datt d‘Ausrëschtung richteg ofgeschiermt ass. Häerzschrëttmécherpatiente ginn opgefuerdert, hir Computere mat integréiertem drotlosem WAN-Modem, soulaang se u sinn, vum Häerzschrëttmécher ewechzehalen.

Schalt Computere mat integréiertem drotlosem WAN-Modem aus, éiert Dir an e Fliger klammt. Stellt sécher, datt se sech net ongewollt aschalte kënnen. De Betrib vun drotlosen Apparater an engem Fliger ass verbueden, fir Interferenze mat de Kommunikatiounssystemer ze verhënneren. D‘Netanhale vun dësen Instruktioune kann zum Ophiewen oder dem Verbuet vu mobile Servicer vis-à-vis vum Täter, rechtleche Folgen, oder béides no sech zéien. Fir Detailer iwwer d‘Benotzung vun dësem Apparat a Fligeren, konsultéiert w.e.g. a befollegt d‘Instruktiounen, déi vun der Fluchgesellschaft bereetgestallt ginn.

Bedreift kee Personal Computer oder Handheld Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem an der Géigend vu entflambare Gasen oder Dämp. Schalt de mobilen Adapter aus, wann Dir op Tankstellen, Besinslageren, Chimisfabriken oder enzwousch, wou grad Sprengunge virgeholl ginn, sidd. D‘Bedreiwe vun elektrescher Ausrëschtung a potentiell explosive Beräicher, kann eng Gefor fir d‘Sécherheet duerstellen.

Äre Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem empfänkt an iwwermëttelt Radiosfrequenzenergie wann en ageschalt ass. Vergiesst net, datt Interferenzen optriede kënnen, wann en nieft enger Tëlee, engem Radio, engem Computer oder net ausreechend ofgeschiermter Ausrëschtung benotzt gëtt. Befollegt all spezial Bestëmmungen a schalt Äre Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem ëmmer of, wou e verbueden ass, oder wann Dir e

Verdacht hutt, datt en eng Interferenz oder eng Gefor verursaache kéint.

Sécherheet am Stroosseverkéier huet Virrang! Benotzt kee Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem, wann Dir e Gefier steiert. Plazéiert kee Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem an e Beräich, wou e Verletzungen un der Persoun fir de Chauffer oder d'Passagéier verursaache kéint. Et gëtt recommandéiert, den Apparat an der Mall oder engem sécheren Stauraum ze verstauen, während Dir fuert. Plazéiert kee Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem an e Beräich iwwer engem Airbag oder an der Ëmgéigend, wou en Airbag opsprange kann. Airbage gi mat grousser Kraaft opgeblosen, a wann de Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem sech am Airbag-Opsprangberäich befënnt, kann e mat grousser Kraaft ewechgeschleidert ginn, a bei all de Passagéier am Gefier schwéier Verletzunge verursaachen.

SOS

WICHTEG!
Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem gi mat Hëllef vu Radiossignaler bedriwwen a fir mobil Netzwierker kann net garantéiert ginn, datt ënner alle Konditiounen domatter verbonne ka ginn.
Dowéinst sollt Dir Iech ni alleng op drotlos Apparater fir liewenswichteg Kommunikatiounen, wéi zum Beispill Noutriff, verloossen. Vergiesst net, datt fir unzeruffen oder en Uruff z'empfänken, de Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem ageschalt sinn, a sech an engem Ofdeckungsberäich mat entspriechender mobiler Signalsstäerkt befanne muss. Verschidden Netzwierker erlabe keng Noutriff, wa bestëmmt Netzwierksservicer oder Telefonsfunktiounen (z. B. Spärfunktiounen, Kuerzwiel asw.) benotzt ginn. Dir musst méiglecherweis déi Funktiounen desaktivéieren, éiert Dir en Noutruff maache kënnt. Verschidden Netzwierker erfuerderen, datt eng gëlteg SIM-Kaart richteg am Computer mat integréiertem drotlosem WAN-Modem agesat ass.

Kamerasliicht

OPGEPASST

Kamerasliicht fir hënnescht Kamera
- D'Liicht vun der LED ass staark a ka mënschlech Ae beschiedegen. D'Aen net direkt op d'LEDe riichten.

57-LB-1

OPGEPASST:
Explosiounsrisiko wann d'Batterie duerch e falschen Typ ersat gëtt.
Benotzt Batterie geméiss den Instruktiounen Entsuergen.

58-LB-1

Fir Europa

<Nëmme fir Modell mat engem "CE"-Zeechen um Buedem vum Computer>

Konformitéitserklärung (DoC)
"Heimatter erkläert Panasonic, datt dëse Personalcomputer déi wiesentlech Ufuerderungen an aner relevant Bestëmmunge vun der Directive 1999/5/EC anhält."
Hiwäis:
Wann Dir eng Kopie vun der Original-DoC zu eisen uewe genannte Produkter kréie wëllt, besicht w.e.g. eis Webadress: http://www.doc.panasonic.de

Autoriséierte Representant:
Panasonic Testing Centre
Panasonic Marketing Europe GmbH
Winsbergring 15, 22525 Hamburg, Germany

Hiwäiser zu de Länner, wou WLAN benotzt ka ginn:
AT BE BG CH CY CZ DE DK EE ES
FI FR GB GR HU IE IS IT LT LU
LV MT NL NO PL PT RO SE SI SK TR

18-25-LB-0

Interface-Kabel
D'Benotzung vun engem Interface-Kabel mat méi wéi 3 m Längt, gëtt net recommandéiert.

11-LB-1

Bestëmmunge fir Drotlose LAN/Bluetooth

Land / Regioun	802.11a	802.11b/g Bluetooth
Éisterräich, Belsch, Kroatien, Zypern, Tschechesch Republik, Dänemark, Estland, Finnland, Däitschland, Griicheland, Ungarn, Island, Irland, Lettland, Litauen, Lëtzebuerg, Mazedonien, Malta, Holland, Polen, Portugal, Slowakei, Slowenien, Spuenien, Schweden, Schwäiz, Vereenegt Kinniksräich	Op Benotzung am Haus ageschränkt.	
Frankräich	Op Benotzung am Haus ageschränkt.	Op Benotzung am Haus ageschränkt.
Italien	Op Benotzung am Haus ageschränkt. Allgemeng Autoriséierung erfuerderlech, wann dobausse benotzt.	Allgemeng Autoriséierung erfuerderlech, wann baussent den eegene Gebaier benotzt.
Tierkei	Op Benotzung am Haus ageschränkt. Bannent engem 1 km-Radius vum Zentrum vun der Landepist vu Fluchhäfe verbueden.	
Norwegen	Op Benotzung am Haus ageschränkt.	Bannent engem 20 km-Radius vum Zentrum vun Ny-Ålesund verbueden.

- Déi aktuellst Versioun vun der “ERC RECOMMENDATION 70-03” vum European Radiocommunications Committee an der Regulatioun an der Tierkei.
- Nëmmen déi vu Panasonic spezifizéiert Antenn benotzen.
- Confirméiert déi aktuellst Informatiounen un d‘Radiosregulatiounsautoritéiten.

40-LB-1

Aleedung

Merci, datt Dir dëst Panasonic-Produkt kaf hutt. Fir eng optimal Leeschtung a Sécherheet, liest Iech w.e.g. dës Instruktiounen suergfälteg duerch.

Bedéngungen an Illustratiounen an Dësen Instruktiounen

➔ **Säit an dëser Bedéngungsuleedung oder am Reference Manual.**

Referenz zum Handbuch um Schierm.

- Verschidden Illustratioune si vereinfacht, fir Iech dobäi ze hëllefen ze verstoen, a kënnen anescht wéi den aktuellen Apparat ausgesinn.
- Referenz zu den aktuellsten Informatiounen iwwer optional Produkter am Katalog, asw.

Haftungsofleenung

Computerspezifikatiounen an -Handbicher kënnen zu jidderzäit an ouni Virwarnung geännert ginn. Panasonic Corporation iwwerhëllt keng Haftung fir Schied, déi direkt oder indirekt duerch Feeler, Omissiounen oder Diskrepanzen tëscht dem Computer an dem Handbuch entstane sinn.

Markenzeechen/ Lizenzen

- Google, de Google-Logo, Google Search, Gmail, Android a Google Play si Markenzeeche vu Google, Inc.
- Marvell an de Marvell-Logo sinn agedroe Markenzeeche vu Marvell an/oder senge Partneren.
- De microSDHC-Logo ass e Markenzeeche vun SD-3C, LLC.

- HDMI, den HDMI-Logo an High-Definition Multimedia Interface si Markenzeechen oder agedroe Markenzeeche vun HDMI Licensing LLC an de Vereenegte Staaten an an anere Länner.
- Adobe, den Adobe-Logo an Adobe Reader sinn entweder agedroe Markenzeechen oder Markenzeeche vun Adobe Systems Incorporated an de Vereenegte Staaten an an anere Länner.
- Bluetooth® ass en agedroent Markenzeechen an Besëtz vu Bluetooth SIG, Inc., U.S.A. a lizenséiert u Panasonic Corporation.
- Nimm vu Produkter, Marken, asw., déi an dësem Handbuch opschéngen, si Markenzeechen oder agedroe Markenzeeche vun hire respektiven eegene Firmen.
- Dëst Produkt ass ënner der AVC Patent Portfoliolizenz, VC-1 Patent Portfoliolizenz an MPEG-4 Visual Patent Portfoliolizenz fir de perséinleche Gebrauch vun engem Konsument oder aner Gebräich, fir déi keng Remuneratioun verlaangt gëtt fir (i) e Video ënner Anhalung vum AVC-Standard, VC-1-Standard an MPEG-4-Visual-Standard (“AVC/VC-1/MPEG-4 Video”) z‘encodéieren an/oder (ii) en AVC/VC-1/MPEG-4 Video ze decodéieren, dee vun engem Konsument encodéiert gouf, deen enger perséinlecher Aktivitéit nogaangen ass an/oder vun engem Videosubidder kaf gouf, dee lizenséiert ass AVC/VC-1/MPEG-4 Videoen unzebidden. Et gëtt keng Lizenz fir eng aner Benotzung ausgestallt oder implizéiert. Zousätzlech Informatioune kënne vun MPEG LA, L.L.C. erhale ginn. Kuckt op http://www.mpegla.com.

Beschreiwung vun den Deeler

Viischt Säit



A	Drotlos WAN-Antenn <Nëmme fir Modell mat drotlosem WAN> ➔ *Reference Manual* “Wireless Communication - Wireless WAN”
B	Ëmgebungsliichtsensor ➔ *Reference Manual* “Settings - Using Dashboard”
C	Viischt Kamera ➔ *Reference Manual* “Photos and Videos”
D	LCD ➔ “Input-Operatiounen” (Säit 17), “Start-Schierm” (Säit 18)
E	Wi-Fi-Antenn / Bluetooth-Antenn ➔ *Reference Manual* “Wireless Communication - Wi-Fi”, “Wireless Communication - Bluetooth”
F	Magnéitsensor ➔ Reference Manual “Settings – Using Settings Application - Display”

G	Mikro ➔ *Reference Manual* “Input Operation - Voice Input”
H	Menu-Knäppchen ➔ “Input-Operatiounen” (Säit 17)
I	Start-Knäppchen ➔ “Input-Operatiounen” (Säit 17)
J	Zeréck-Knäppchen ➔ “Input-Operatiounen” (Säit 17)
K	USER-Knäppchen ➔ “Input-Operatiounen” (Säit 17)
L	Batteriesindicateur ➔ *Reference Manual* “Battery Power - Checking the Battery Status”
M	Power-Schalter ➔ “An-/Ausschalten a Rouzoustand/ Erwächen” (Säit 16)

Beschreiwung vun den Deeler

Récksäit



A	Kamerasliicht ➔ *Reference Manual* “Photos and Videos”
B	Hënnescht Kamera ➔ *Reference Manual* “Photos and Videos”
C	Zerécksetzen-Schalter
D	HDMI-Mikrosuschloss HDMI ➔ *Reference Manual* “Connections - External Display”
E	Kopfhörer/Mikrosbécks
F	microSD Späicherkaarteschlëtz ➔ *Reference Manual* “Connections - MicroSD Memory Card”
G	USB 2.0-Micro-B-Connecteur ➔ *Reference Manual* “Connections - USB Connection”
H	Lautsprecher
I	<Nëmme fir Modell mat drotlosem WAN> SIM-Kaarteschlëtz ➔ *Reference Manual* “Wireless Communication - Wireless WAN”

J	DC-IN-Bécks DC IN 12V
K	Expansiouns-Bus-Connecteur (An Zukunft als Extensioun benotzen)
L	Stëftshaler (➔ Säit 13)
M	Sécherheetsspär Et kann e Kensington-Kabel ugeschloss ginn. Fir weider Informatiounen, liest d‘Handbuch, dat mam Kabel geliwwert gëtt.

OPGEPASST

Wann Dir d‘DC-IN-Bécksenofdeckung zoumaacht, dréckt d‘Ofdeckung riicht eran.
D‘Ofdeckung ka soss beschiedegt ginn.

Richteg



Falsch



Éischtbetrib

Virbereedung

1 Iwwerpréift an identifizéiert déi geliwwert Accessoiren.

Wann Dir déi beschriwwen Accessoiren net fannt, kontaktéiert Ären technesche Supportsbüro.



Netzdeel…1
Modell Nr.
FZ-AA2202B



Netzkabel…1
(Form variéiert jee no Land)



Digitalstëft…1
(Zum Zäitpunkt vum Kaf, läit den Digitalstëft am Stëfthaler (➔ Säit 12).)



Schnouer…1

Weeche Stoff…1

BETRIBSINSTRUKTIOUNEN (Dëst Buch)…1

2 Fir ze verhënneren, datt den Digitalstëft onbeofsichtegt eroffält, bannt den Digitalstëft mat Hëllef vun der Schnouer un de Computer.

1. Stiecht eng vun de Schläifen duerch d'Lach vum Digitalstëft.



2. Stiecht eng vun de Schläifen duerch déi zweet Schläif vun der Schnouer.



3. Zéit déi zweet Schläif vun der Schnouer, wéi illustréiert, duerch d'Lach.



4. Stiecht den Digitalstëft, wéi illustréiert, duerch déi zweet Schläif vun der Schnouer.



NOTIZ

- Wann den Digitalstëft net benotzt gëtt, hänkt d'Schnouer, wéi illustréiert, fest.



Starten

1 Verbannt dëse Computer mat enger Steckdous.

D‘Opluede vun der Batterie start automatesch.



OPGEPASST

- Deconnectéiert d‘Netzdeel net bis déi Éischtbetribsprozedur ofgeschloss ass.
- Wann Dir dëse Computer déi éischt Kéier benotzt, verbannt keng weider Peripheriesapparater ausser dem Netzdeel.
- Ëmgang mam Netzdeel
  - Während Donner- a Blëtzperiode kënne Problemer, wéi plëtzlech Spannungsverloschter, optrieden. Well dat och dëse Computer betreffe kann, gëtt eng ënnerbriechungsfräi Stroumversuergung (ËSV) dréngend recommandéiert, ausser wann Dir direkt iwwer d‘Batterie schafft.

2 Dréckt ⏻ (Power-Schalter).

Nodeems de Batteriesindikateur 3 mol blénkt, start dësen Tablet-Computer.



3 Wann noutwenneg, beréiert de Sproochennumm a scrollt duerch d‘Sproochelëscht, beréiert dann d‘Sprooch, déi Dir benotzt.



4 Beréiert [Start].

<Nëmme fir Modell mat drotlosem WAN>
Wann “SIM card not found (SIM-Kaart net fonnt)” affichéiert gëtt, beréiert [Skip (Iwwersprangen)]. Beréiert dann [Skip (Iwwersprangen)] oder konfiguréiert d‘Wi-fi-Astellungen andeems Dir d‘Instruktiounen um Schierm befollegt.

5 Beréiert a scrollt duerch d‘Zäitzonelëscht a beréiert d‘Zäitzon fir Är Positioun.

Wann noutwenneg, stellt den Datum an d‘Zäit an oder stellt [Automatic date & time (Automateschen Datum & Zäit)] op [ON (UN)].

6 Beréiert [Next (Weider)].

De “Sign in with your Google Account (Mellt lech mat Ärem Google-Kont un)”-Schierm gëtt affichéiert.

7 Wann noutwenneg, riicht Äre Google-Kont an, andeems Dir d‘Instruktiounen um Schierm befollegt.

- Wann Dir Äre Google-Kont ariicht, kënnt Dir Gmail, Calendar, asw. benotzen.

8 Wann “Use Google location (Google Location benotzen)” affichéiert gëtt, beréiert d‘Google-Positiounsserviver fir se z‘aktivéieren/ze desaktivéieren, a beréiert [Next (Weider)].

9 Wann “This tablet belongs to... (Dësen Tablet gehéiert …)” affichéiert gëtt, gitt Ären Numm an a beréiert [Next (Weider)].

10 Liest d‘“Google services (Google Servicer)” a beréiert [Next (Weider)].

11 Wann “Setup complete (Setup ofgeschloss)” affichéiert gëtt, beréiert [Finish (Ofschléissen)].

12 Wann “Make yourself at home (Fillt lech wéi doheem)” affichéiert gëtt, beréiert [OK].

13 Verbannt lech iwwer Wi-Fi oder drotlosem WAN mam Internet.

14 Beréiert ⊞ - [Settings (Astellungen)] - [About tablet (Iwwer den Tablet)] - [System Updates (Systemsaktualiséierungen)] - [Software Update (Softwaresaktualiséierung)].

15 Wann d‘Noriicht “System Software Update is going to check the latest firmware package. Continue? (Systemssoftwaresaktualiséierung iwwerpréift den aktuellste Firmware-Pak. Virufueren?)” affichéiert gëtt, beréiert [Yes (Jo)].

16 Wann d‘Noriicht “A new software update package is available... (Et ass en neie Softwaresaktualiséierungspak disponibel …)” affichéiert gëtt, beréiert [Yes (Jo)].

Waart e puer Minutten, bis den Download ofgeschloss ass.
Wann d‘Noriicht “The current system software is up-to-date (Déi aktuell Systemssoftware ass op dem leschte Stand)” affichéiert gëtt, beréiert [OK] fir ofzeschléissen.
Et ass keng aktualiséiert Systemssoftware disponibel.

17 Wann d‘Noriicht “Ready to update your device... (Bereet Ären Apparat z‘aktualiséieren …)” affichéiert gëtt, beréiert [Update Now (Elo Aktualiséieren)].

18 Beréiert [OK], fir de System automatesch neizestarten an den Aktualiséierungsprozess ze starten.

Waart e puer Minutten, bis d‘Aktualiséierung ofgeschloss ass. Nodeems d‘Aktualiséierung ofgeschloss ass, start de System automatesch nei.

19 Wann d‘Noriicht “System Software has been successfully update. (Systemssoftware gouf erfollegräich aktualiséiert.)” affichéiert gëtt, beréiert [OK].

An-/Ausschalten a Rouzoustand/Erwächen

Aschalten

1 Dréckt ⏻ (Power-Schalter).

2 Zéit 🔒 op 🔓 oder 📷.

Wann Dir 🔒 op 📷 zéit, start d'Kamerasapplikatioun.

OPGEPASST

- De Power-Schalter net widderholl drécken.
- Wann Dir dëse Computer ofschalt, waart 10 oder méi Sekonnen éiert Dir en erneit aschalt.
- Féiert folgend Operatiounen net duerch, éiert de Start-Schierm affichéiert gëtt.
  - D'Netzdeel verbannen oder deconnectéieren
  - De Power-Schalter drécken
  - De Schierm oder Knäppercher drécken

Ausschalten

1 Dréckt an haalt ⏻ (Power-Schalter) gedréckt bis de "Power off (Ausschalten)"-Schierm affichéiert gëtt.

2 Beréiert "OK".

Rouzoustand

Zum Zäitpunkt vum Kaf, schalt sech de Schierm automatesch no 1 Minutt ouni Operatioun aus. Fir de Schierm manuell auszeschalten, féiert folgend Schrëtt duerchféieren.

1 Dréckt ⏻ (Power-Schalter).

De Schierm schalt sech aus.

NOTIZ

- De Schierm schalt sech no 1 Minutt automatesch aus. Dir kënnt d'Zäit, fir de Schierm auszeschalten änneren, andeems Dir ⊞ beréiert - [⚙ Settings (Astellungen)] - [◐ Display (Affichage)] - [Sleep (Rouzoustand)].

Erwächen

1 Dréckt ⏻ (Power-Schalter).

De gespaarte Schierm gëtt affichéiert.

2 Zéit 🔒 op 🔓 oder 📷.

Wann Dir 🔒 op 📷 zéit, start d'Kamerasapplikatioun.

NOTIZ

- E puer Applikatiounen ("Clock (Auer)" etc.) erschéngen, éiert de gespaarte Schierm affichéiert gëtt. Nodeems déi Applikatioun zougemaach gouf, gëtt de gespaarte Schierm affichéiert.

Input-Operatiounen

Schierm-Input-Operatiounen

Beréieren 	Wielt Elementer oder Optiounen.
Beréieren an halen	Speziell Optiounen opmaachen.
Zéien	Um Schierm scrollen.
Sträifen 	Séier um Schierm scrollen.
Zéien a ofleeën	En Element verréckelen.
Pëtzen 	De Schierm eran- oder erauszoomen. Jee no Applikatioun kënnt Dir och eran- oder erauszoomen, andeems Dir de Schierm duebel beréiert.

Den Digitalstëft benotzen

Dir kënnt “Beréieren”, “Beréieren an halen”, “Zéien”, “Sträifen”, “Zéien an ofleeën” an “Duebeltippen” och mam Digitalstëft aplaz vun Ärem Fanger aginn.

- Ouni den Digital-Knäppchen (A) ze drécken: Beréiert de Schierm mam Digitalstëft.
- Während Dir den Digital-Knäppchen (A) dréckt: Beréiert mam Digitalstëft de Schierm.



OPGEPASST

- D‘Spëtzt vum Digitalstëft (B) ass mat engem Sensor equipéiert. Widderhollten Drock op d‘Spëtzt kann zu enger Feelfunktioun oder Degradatioun dovunner féieren. Stellt sécher net zevill Drock op d‘Spëtzt auszeüben, wann den Digitalstëft gelagert gëtt.

Kalibréierung vum Digitalstëft

Wann noutwenneg, féiert eng Kalibréierung vum Digitalstëft duerch, andeems Dir folgend Schrëtt ënne befollegt.
Féiert d‘Kalibréierung fir d‘Orientéierung duerch, déi benotzt soll ginn.

1 Beréiert ⊞ - [Pen Calibration (Stëftskalibréierung)].

2 Beréiert mat Hëllef vum Digitalstëft noeneen jiddwer Zil ┼.

3 Beréiert [Finished (Ofgeschloss)].

Knäppercher

☰	Wielt zousätzlech Funktiounen.Déi selwecht Funktioun wéi [⋮].
⌂	Zum Startschierm zeréckgoen.Déi selwecht Funktioun wéi [⌂].
↩	Zum viregte Schierm zeréckgoen.Déi selwecht Funktioun wéi [↩].
USER	● 1 Sekonn laang drécken: An de Sécherheetsmodus goen (Toun aus, Schierm aus a Spär). Fir de Sécherheetsmodus ze verloossen, dréckt ⏻ (Power-Schalter). ● Méi wéi 1 Sekonn laang drécken: Start den “Dashboard”. ● Den USER (USER-Knäppchen) drécken an halen, dann de ☰ (Menu-Knäppchen) 1 Sekonn laang drécken: E Screenshot Schéissen D‘Screenshot-Date ginn a folgendem Dossier gespäichert. /sdcard/Pictures/Screenshots/

Start-Schierm



A **Sich / Sproochesich**
Duerchsicht den Internet an dëse Computer mat Google search. Dir kënnt d'Sichbegréffer mat der Tastatur um Schierm oder duerch Schwätzen aginn.

B **Widgets (Widgenten)**
Déi kleng Applikatiounen um Start-Schierm. E puer Widgeten affichéieren déi aktuellst Informatiounen (Auer, Kalenner, Wieder, E-Mail, asw.) um Start-Schierm.

C **Applikatiounsofkierzungen**
Eng Applikatioun opmaachen. Dir kënnt Applikatiounsofkierzungen zum Start-Schierm derbäisetzen oder dovunner ewechhuelen.

D **Start-Schierm**
De Startpunkt fir dëse Computer. Dir kënnt Ofkierzungen, Widgeten an aner Elementer zum Start-Schierm derbäisetzen.

E **Apps (Applikatiounen)**
All Applikatiounen a Widgeten affichéieren. Beréiert eng Applikatioun/e Widget aus der Lëscht, fir se/en opzemaachen.

F **Menu**
Jee no Applikatioun, gëtt uewe riets um Schierm affichéiert. Dir kënnt zousätzlech Funktiounen aus dem Menu wielen.

G **Rezent Appen**
Déi rezent Applikatiounen affichéieren. Beréiert eng Applikatioun aus der Applikatiounslëscht, fir se opzemaachen. Fir d'Applikatioun ze stoppen, zéit se no riets.

H **Start**
Zum Startschierm zeréckgoen.

I **Zeréck**
Zum viregte Schierm zeréckgoen.

J **Statusdetailer a séier Astellungen**
Beréiert dëse Beräich, fir d'Statusdetailer opzemaachen (Matdeelungssymboler, Statussymboler an Auer) (➔ *Reference Manual* "Home Screen - Notification Icons", "Home Screen - Status Icons"). Beréiert d'Statusdetailer, fir d'séier Astellungen opzemaachen. D'séier Astellungen affichéieren den Netzwierkstatus, iwwreg Batteriesluedung an aner Detailer.
Wann Dir [Settings (Astellungen)] beréiert, gëtt d'Astellungsapplikatioun opgemaach.



K **Beräicher**
Dëse Computer huet 5 Beräicher. No lénks oder riets sträifen, fir den nächste Beräich z'affichéieren.

Gebrauch a Fleeg

Betribsenvironnement

- Dëse Computer op eng flaach stabil Fläch plazéieren. Wann dëse Computer engem extrem staarke Stouss ausgesat gëtt, kann e beschiedegt ginn.
- Temperatur:
  Betrib: -10 °C bis 50 °C (IEC60068-2-1, 2)*1
  Lagerung: -20 °C bis 60 °C

  Loftfiichtegkeet:
  Betrib: 30 % bis 80 % LF
  (Keng Kondensatioun)
  Lagerung: 30 % bis 90 % LF
  (Keng Kondensatioun)

  Och bannent den uewe genannten Temperaturs-/Loftfiichtegkeetsberäicher, ka d'Produkt bei Benotzung iwwer eng laang Zäitraum an engem extremen Environnement beschiedegt ginn an d'Liewensdauer vum Produkt verkierzen.
  Wann dëse Computer bei Temperature vun 0 °C oder drënner naass ass, kënne Gefréierschied optrieden. Stellt sécher, datt Dir dëse Computer bei sou Temperaturen ofdréchent.
  *1 D'Haut net dësem Produkt aussetzen, wann d'Produkt an engem waarmen oder kalen Ëmfeld benotzt gëtt. (➔ Säit 4)
- Plazéiert dëse Computer net a folgend Beräicher, soss kann de Computer beschiedegt ginn.
  - No elektronescher Ausrëschtung. D'Bild ka sech verzéien oder et ka Bildrauschen optrieden.
  - An extrem héijen oder niddregen Temperaturen.
- Haalt dëse Computer vu Géigenstänn ewech, déi sensibel op Hëtzt reagéieren, vu que datt e während dem Betrib waarm ka ginn.

Gebrauchsinstruktiounen

Dëse Computer gout entworf, fir Stéiss un Deeler wéi dem LCD an dem Flash-Späicherlafwierk ze minimiséieren, awer et gëtt keng Garantie fir Problemer, déi duerch e Stouss verursaacht ginn, iwwerholl. Gitt extrem Uecht, wann Dir mat dësem Computer schafft.

- Wann Dir dëse Computer drot:
  - Schalt dëse Computer of.
  - Huelt all extern Apparat ewech, wéi Kabelen an aner ervirstoend Géigestänn.
  - Loosst dëse Computer net op oder schlot en net géint fest Géigestänn.
  - Haalt en net un den Affichagedeeler fest.
- Wann Dir an e Fliger klammt, huelt dëse Computer mat Iech mat a gitt en ni an Äerem opginne Gepäck. Wann Dir dëse Computer am Fliger benotzt, befollegt d'Instruktioune vun der Fluchgesellschaft.
- Benotzt nëmmen de matgeliwwerten Digitalstëft oder Är Fangeren, fir de Schierm ze beréieren. Plazéiert keng Géigestänn op seng Fläch an dréckt net fest mat schaarfen oder spëtze Géigestänn drop, déi Spuren hannerloosse kënnen (z. B. Neel, Bläistëfter oder Bicken).
- Benotzt de Schierm net, wa sech Stëbs oder Knascht (z. B. Ueleg) um Schierm befënnt. Soss kënne Friemstoffer um Schierm/Digitalstëft d'Schiermfläch zerkrazen oder de Betrib vum Digitalstëft behënneren.
- Benotzt den Digitalstëft nëmme fir de Schierm ze beréieren. De Stëft fir aner Zwecker ze benotzen, kann den Digitalstëft beschiedegen an zu Krazerten um Schierm féieren.

Wann Dir Peripheriesapparater Benotzt

Befollegt dës Instruktiounen an d'Reference Manual, fir Schied un den Apparater ze vermeiden. Liest Iech d'Instruktiounshanduch vun de Peripheriesapparater suergfälteg duerch.

- Benotzt d'Peripheriesapparater geméiss de Spezifikatioune vun dësem Computer.
- Verbannt d'Connecteuren an der richteger Richtung.
- Wa se sech schwéier asetze loossen, forcéiert näischt an iwwerpréift d'Form vun dësem Computer, d'Richtung, Den Alignement vun de Stëfter, asw.
- Huelt d'Kabelen ewech, wann Dir dëse Computer drot. Zéit d'Kabelen net gewaltsam eraus.

Net Autoriséierten Zougrëff op Dëse Computer iwwer Drotlos Netzwierker Verhënneren

- Éier Dir Wi-Fi/Bluetooth/drotlose WAN*2 benotzt, stellt déi entspriechend Sécherheetsastellungen, wéi Dateverschlësselung, an.
  *2 Nëmme fir Modeller mat drotlosem WAN.

Fleeg

Fir den LCD-Beräich ze Botzen

- Wann de Schierm knaschteg gëtt, wëscht e mat engem zougeloossene weeche Stoff of.
  De Schierm ass spezial behandelt, fir ze verhënneren, datt sech Knascht op der Uewerfläch festsetzt, sou ka Knascht einfach mat Hëllef vun engem dréchene Stoff (nëmmen den zougeloossene weeche Stoff benotzen) ewechgeholl ginn.
  Huelt Knascht, Waasser, asw. soubal wéi méiglech ewech.
  Soss kritt den LCD-Beräich Flecken oder d'Qualitéit leit.
  Wann de Knascht net einfach ewechgeet, haucht d'Uewerfläch un a probéiert et erneit.
- Virschléi Fir D'Botze vun der LCD-Fläch
  Fir d'Visibilitéit vum Display dobaussen ze verbesseren, gouf eng Beschichtung fir eng niddreg Spigelung derbäigesat. Fir Krazerten oder de Verloscht vun dëser Beschichtung ze vermeiden, gouf en zougeloossene weeche Stoff derbäigesat, fir d'LCD-Fläch vun dësem Computer ofzewëschen. Éier Dir dëse Computer benotzt, liest d'Instruktioun hei drënner.

> • Wëscht den LCD-Display mam weeche Stoff of, fir Fangerofdréck asw. ewechzehuelen.
> • Wëscht keng aner Beräicher, wéi den LCD-Display mam weeche Stoff of.

Wéi benotzt Dir de weeche Stoff

- Benotzt de weeche Stoff, wann en dréchen ass. Sprëtzt kee Waasser a keng Léisungsmëttel op de weeche Stoff.
- Fir d'éischt wëscht Friempartikelen a Stëbs, déi sech um LCD-Display festgesat hunn, liicht mat enger Säit vum weeche Stoff of. Benotzt keng Kraaftawierkung, well den LCD-Display soss duerch d'Friempartikelen oder de Stëbs beschiedegt ka ginn.
  Als nächst, wëscht Fangerofdréck, asw. mat der anerer Säit vum weeche Stoff of.
  Nodeems Dir Friempartikelen an de Stëbs ofgewëscht hutt, wäscht de weeche Stoff (wéi nofolgend uginn), fir d'Friempartikelen an de Stëbs vum weeche Stoff ewechzehuelen.
- Botzt de Schierm, während de Computer aus ass.
  De Schierm ze botzen, während de Computer ageschalt ass, kann zu Feelfunktioune vum Computer féieren. Des Weideren ass Knascht besser um Schierm ze gesinn, wann de Computer ausgeschalt ass, a ka sou méi einfach gebotzt ginn.
- Wäscht de weeche Stoff, wann e knaschteg gëtt. Wäscht de weeche Stoff mat engem douce Botzmëttel, wann e knaschteg gëtt. Benotzt kee Bleechmëttel oder Weechspuller, a probéiert net de Stoff ze steriliséieren, andeems Dir e kacht. Wann de Stoff knaschteg ass, kann en oneffektiv sinn, fir de Schierm ze botzen, a ka souguer dozou féieren, datt sech Knascht um Schierm festsetzt.
- Iwwerpréift folgendes, fir ze verhënneren, datt d'Fläch vum Schierm zerkratzt gëtt.
  - Benotzt Dir Är Fangeren oder en Digitalstëft, fir de Schierm ze bedreiwen?
  - Ass d'Fläch propper?
  - Ass de weeche Stoff propper?
  - Benotzt Dir den Digitalstëft mat ausgefuerener Spëtzt?
  - Ass d'Spëtzt vum Digitalstëft propper?
  - Sinn Är Fangere propper?

Fir Aner Beräicher, Wéi den LCD-Beräich ze Botzen

Wëscht mat engem weechen dréchene Stoff, wéi zum Beispill Mull. Wann Dir Botzmëttel benotzt, daucht e weeche Stoff an am Waasser opgeléistem Botzmëttel a wréngt e gutt aus.

OPGEPASST

- Benotzt keen Terpetäin, Thinner, oder Botzalkohol, well se d'Uewerfläch ugräife an zu Verfierwungen, asw. féiere kënnen. Benotzt keng am Handel erhältlech Botzmëttel a Fleegmëttel, well se Bestanddeeler enthale kënnen, déi schiedlech fir d'Uewerfläch sinn.
- Kee Waasser oder Botzmëttel direkt op de Computer ginn, well Flëssegkeet an de Computer andrénge, a Feelfunktiounen oder Schied verursaache kann.

Den Tablet Verschlësselen

Éier Dir "Encrypt tablet (Den Tablet Verschlësselen)" aktivéiert, andeems Dir ⋮ - [🔒 Security (Sécherheet)] – [Encrypt tablet (Den Tablet Verschlësselen)] beréiert, séchert Är Daten. Wa Problemer während der Verschlësselung optrieden, ginn d'Daten op dësem Computer geläscht.

Entsuerge vum Computer

- Huelt d‘microSD-Späicherkaart an aner Peripherieapparater ewech.
- Féiert “Zerécksetzen op Wierksastellung” aus, fir gespäichert Daten ze läsche. (➔ Säit 24)
- Nodeems déi iwwreg Batteriesluedung 0 % erreecht, huelt d‘Batterie ewech, andeems Dir folgend Schrëtt duerchféiert, an entsuergt oder recycléiert d‘Batterie geméiss der nationaler Legislatioun.

⚠ GEFOR

Doduerch kann Hëtzt an der Batterie entstoen, se kann entflamen oder opplatzen.

Ëmgang mat Dësem Computer

- Huelt de Computer Net Auserneen, Ausser Wann Dir en Entsuergt

Ëmgang mat Der Batterie

- Net Oplueden
- Net Mat Iergendwellech Anere Produkter Benotzen
- Geheit d‘Batterie Net An d‘Feier oder Setzt Se Exzessiver Hëtzt Aus
- Vermeit Extrem Hëtzt (zum Beispill No beim Feier, Am Direkte Sonneliicht)
- D‘positiv (+) an Negativ (-) Kontakter Net Kuerzschléissen
- Setzt Keng Schaarf Géigestänn An d‘Batterie an, Huelt se Net Auserneen, a Modifizéiert Se net
- Setzt de Computer Kenge Stéiss Aus, Andeems Dir et Fale Loosst, StaarkenDrock Doropper Ausübt, asw.

1 Huelt 12 Schrauwe vun der Batterie ewech a huelt d‘Ofdeckung ewech.



2 Zéit de kloere Film of, wéi ënnen illustréiert.



3 Hieft d‘Batterie liicht op an zéit se eraus.



4 Zéit de Kabel eraus, fir de Connecteur ze deconnectéieren.



5 Isoléiert d‘Adaptere vum Connecteur mat Pechpabeier aus Plastik a.ä.

Problemléisung (Grondlagen)

Befollegt d‘Instruktiounen ënnen, wann e Problem opgetrueden ass. Am “Reference Manual” gëtt et och en erweiderte Guide fir Problemléisungen. Fir e Software-Problem, kuckt Iech d‘Software-Instruktiounshandbuch un. Wann de Problem weiderhin optrëtt, kontaktéiert den Technesche Support vu Panasonic.

Starten

Kann net starten.Den Batteriesindikateur liicht net.	● D‘Netzdeel verbannen. ● Wann d‘iwwreg Batteriesluedung 5 % oder manner bedréit an d‘Netzdeel net verbonnen ass, wann de Power-Schalter gedréckt gëtt, liicht de Batteriesindikateur rout an dëse Computer start net.Luet d‘Batterie. ● Huelt d‘Netzdeel ewech, a verbannt et dann erneit. ● Den ⏻ (Power-Schalter) drécken an halen, bis den Batteriesindikateur 3 mol blénkt.
Kann dëse Computer net aschalten. Dëse Computer erwächt net aus dem Rouzoustand.	● Dëse Computer kann ze waarm oder ze kal ginn. Loosst en an engem Environnement vu 5 °C bis 35 °C fir ongefeier eng Stonn, schalt en dann erneit an.
Den Datum an d'Zäit si falsch.	● Maacht déi richteg Astellungen, andeems Dir folgend Schrëtt befollegt. **1.** Beréiert ⊞ - [Settings (Astellungen)] - [Date & time (Datum & Zäit)], a stellt den Datum an d‘Zäit an. ● Wann de Problem weiderhi besteet, muss d‘Batterie vun der banneschter Auer eventuell ersat ginn. Kontaktéiert den Technesche Support vu Panasonic. ● Wann dëse Computer mam Netzwierk verbonnen ass, iwwerpréift den Datum an d‘Zäit vum Serveur. ● 2036 n.Chr. oder spéider Joere ginn op dësem Tablet-Computer richteg erkannt.
De Betrib ass lues.	● D'Temperatur vum Ëmfeld ass héich. Verréckelt dëse Computer zu enger méi killer Positioun.
Kann net erwächen.	● Dir hutt d'Netzdeel deconnectéiert, während dëse Computer am Rouzoustand war. Wann d'Stroumversuergung vum Computer am Rouzoustand deconnectéiert gouf, an d'Batterie eidel ass, ginn net gespäichert Date verluer an dëse Computer erwächt net.
Aner Startproblemer	● All Peripheriesapparater ewechhuelen.

Eroffueren

Dëse Computer fiert net erof.	● Waart eng oder zwou Minutten. Et handelt sech net ëm eng Feelfunktioun. ● Den ⏻ (Power-Schalter) 8 Sekonne oder méi laang drécken an halen, fir de Computer forcéiert ofzeschalten. ● All Peripheriesapparater vun dësem Computer ewechhuelen.

Affichage

Keen Affichage	● De Computer ass duerch d'Stroumspuerfunktioun an de Rouzoustand gaangen.Fir virunzefueren, Fir en z'erwächen, dréckt ⏻ (Power-Schalter).
De Schierm ass schwaarz.	● Wann d'Hellegkeetsastellung vun dësem Computer op "Automatesch Hellegkeet" gesat ass, ännert sech d'Hellegkeet automatesch jee no der Hellegkeet vum Environnement.Desaktivéiert "Automatesch Hellegkeet" an ännert d'Hellegkeet vum Schierm.
De Schierm ass duercherneen.	● En externen Display ze verbannen/deconnectéieren, kann de Schierm beaflossen. Dëse Computer neistarten.
Den externen Display affichéiert näischt.	● Iwwerpréift d'Kabelsverbindung. ● Den Display aschalten.
Den externen Display funktionéiert net normal.	● Wann den externen Display d'Energiespuerfunktioun net ënnerstëtzt, kann et sinn, datt en net normal funktionéiert, wann dëse Computer an den Energiespuermodus wiesselt. Den externen Display ofschalten.
Um Schierm si rout, gréng, oder blo Punkten, oder d'Faarwe an d'Hellegkeet um Schierm sinn net gläich.	Folgend Punkte si keng Feelfunktiounen. ● Och wann Héich-Präzisiounstechnologië fir d'Produktioun vu faarwegen LCD-Schiermer benotzt ginn, kënnen 0,002 % oder manner vun de Bildelementer donkel bleiwen oder stänneg liichten (z. B. méi wéi 99,998 % vun den Elementer funktionéiere richteg). ● Op Gronn vun den natierlechen Eegeschafte vun LCD-Schiermer, kann et sinn, datt Dir bemierkt, datt d'Faarwen an d'Hellegkeet jee no Bléckwénkel net ëmmer gläich sinn. D'Faarftéin kënnen och jee no Produkt variéieren.

Schierm-Operatiounen

Kann déi richteg Positioun net untippen.	● Kalibréiert den Digitalstëft (➔ Säit 17).

Batteriesindicateur

Blénkt orange.	● D'Batterie kann temporär net opgeluet ginn. Huelt d'Netzdeel ewech, a verbannt et dann erneit.
Liicht rout.	● D'Batteriesluedung läit bei ongeféier 5 % oder manner. Luet d'Batterie.

Problemléisung (Grondlagen)

Handbuch um Schierm

Wann de Schierm gedréit gëtt, gëtt een Deel vum Schierm net affichéiert.	● Wann de Schierm gezoomt oder de Menu opgemaach gëtt, zoomt eraus a maacht de Menu zou, beréiert dann fir d'Daten erneit ze lueden.

Aner

Keng Reaktioun	● Dréckt an haalt (Power-Schalter) bis de "Power off"-Schierm affichéiert gëtt a beréiert [OK], dréckt dann (Power-Schalter) fir de Computer anzeschalten. ● Wann d'Applikatioun net normal funktionéiert, desinstalléiert an installéiert se erneit. Fir ze desinstalléieren: **1.** Beréiert - [Settings (Astellungen)] - [Apps (Applikatiounen)]. **2.** Beréiert [DOWNLOADED (EROFGELUET)] oder [ALL (ALLES)], a beréiert d'Applikatioun fir se ze desinstalléieren, beréiert dann [Uninstall (Desinstalléieren)]. **3.** Desinstalléiert d'Applikatioun, andeems Dir d'Instruktiounen um Schierm befollegt.

Zerécksetzen op Wierksastellung

OPGEPASST

● D'Funktioun Zerécksetzen op Wierksastellung setzt dëse Computer an de Standardzoustand zeréck. Wann Dir dëse Computer zerécksetzt, gi gespäichert Date geläscht.
Séchert wichteg Daten op engem anere Medium, éiert Dir de Computer zerécksetzt.

1. Beréiert - [Settings (Astellungen)] - [Backup & reset (Sécheren & zerécksetzen)] - [Factory data reset (Zerécksetzen op Wierksastellung)].
All d'Daten am Dossier /mnt/sdcard gi geläscht. D'Daten op der microSD-Späicherkaart, déi am microSD-Späicherkaarteschlëtz ginn net geläscht.
2. Beréiert [Reset tablet (Tablet zerécksetzen)].
3. Befollegt d'Instruktiounen um Schierm.

Spezifikatiounen

Haaptspezifikatiounen

Modell Nr.			FZ-A1-Serie
CPU/Sekondäre Cache-Späicher			Marvell PXA2128, Dual Core CPU, 1,20 GHz
Haaptspäicher			1 GB*1
Späicher			16 GB*2 (Flash-Späicher)
Displaymethod			10,1 Typ (TFT) (1024 × 768 Punkten)
Touchscreen			Multi-touch-Schierm an Digitalstëft
Wi-Fi			IEEE 802.11 a/b/g/n
Bluetooth*3			v 2.1 +EDR
Drotlose WAN*4			3G/LTE-Modul
GPS			agebaut
Kaartenschlëtzer	microSD-Späicherkaarteschlëtz*5		microSDHC-kompatibel × 1
	SIM-Kaarteschlëtz		× 1*4
Interface			USB 2.0 Micro-B-Connecteur × 1*6 / HDMI Micro-Connecteur *7 / Mikro & Kopfhörerbécks / Expansiouns-Bus-Connecteur (An Zukunft als Extensioun benotzen)
Kamera			Vir: 2,0 Megapixel, fixe Focus Hannen: 5,0 Megapixel mat LED-Blëtz, Autofocus
Sensor			Digitale Kompass, Alzelerometer, Environnementsliichtsensor
Stroumversuergung			Netzdeel oder intern Batterie
Netzdeel*8			Input: 100 V - 240 V AC, 50 Hz/60 Hz Output: 12 V DC, 2 A
Batterie			Li-Ion 7,4 V, Typesch 4770 mAh / Minimum 4590 mAh
	Betribszäit*9		Ca. 10 Stonnen
	Luedzäit*10		90 % Luedzäit: ca. 2,5 Stonnen (am Rouzoustand)
Physesch Dimensiounen (B × D × H)			266,3 mm × 17,5 mm × 212,0 mm
Gewiicht			Ca. 0,993 kg
Ëmwelt	Betribs-	Temperatur	-10 °C bis 50 °C (IEC60068-2-1, 2)*11
		Loftfiichtegkeet	30 bis 80 % LF (Keng Kondensatioun)
	Lagerungs-	Temperatur	- 20 °C bis 60 °C
		Loftfiichtegkeet	30 % bis 90 % LF (Keng Kondensatioun)
OS*12			Android 4.0 (Ice Cream Sandwich)
Virinstalléiert Software			Adobe Reader, AuthenTec QuickSec, Dashboard, Device Management, McAfee Mobile Security (Testversion), Pen Calibration, Google-Applikatiounen*13

- ca. 0,9 W Stroum gi verbraucht, wann d'Batterie voll opgeluet ass (oder net opgeluet gëtt) an dëse Computer aus ass.
  Och wann d'Netzdeel net mat dësem Computer verbonnen ass, gi max. 0,3 W Stroum verbraucht, alleng scho well d'Netzdeel an enger Steckdous stécht.

*1 1 GB = 1 073 741 824 Byten
*2 1 GB = 1 000 000 000 Byten. Äert Betribssystem oder e puer Applikatioun weise manner GB un. Ca. 3 GB*1 ginn als Systemsberäich benotzt.

Spezifikatiounen

*3 Garantéiert net de Betrib vun alle Bluetooth-Peripheriesapparater.
*4 Nëmme fir Modeller mat drotlosem WAN.
*5 Dëse Schlëtz ass mam High-Speed-Modus kompatibel. De Betrib gouf mat Hëllef vu Panasonic microSD/microSDHC-Späicherkaarte mat enger Kapazitéit vu bis zu 32 GB getest a confirméiert. De Betrib mat anerer SD-Ausrëschtung gëtt net garantéiert.
*6 Garantéiert net de Betrib vun allen USB-Peripheriesapparater.
*7 Garantéiert net de Betrib vun allen HDMI-kompatibelen Peripheriesapparater.
*8 <Nëmme fir Nordamerika>
D'Netzdeel ass kompatibel mat Stroumversuergungen fir Netzdeeler bis zu 240 V. Dëse Computer gëtt mat engem 125 V wiesselstroumkompatibelen Netzkabel geliwwert.

20-M-2-1

*9 Mat LCD-Hellegkeet gemooss: 60 cd/m^2 variéiert jee no Benotzungskonditiounen, oder wann en optionalen Apparat ugeschloss ass.
*10 Variéiert jee no Benotzungskonditiounen, CPU-Vitesse, asw.
*11 D'Haut net dësem Produkt aussetzen, wann d'Produkt an engem waarmen oder kalen Ëmfeld benotzt gëtt. (➔ Säit 4)
Wann an engem waarmen oder kalen Environnement benotzt, kënnen e puer Peripheriesapparater méiglecherweis net richteg funktionéieren. Iwwerpréift de Betribsenvironnement vun de Peripheriesapparater.
Dëst Produkt stänneg an engem waarmen Environnement ze benotzen, verkierzen d'Liewensdauer.
Vermeit d'Benotzung vun dësen Aarte vun Environnementer.
Wann an engem Environnement mat niddregen Temperature benotzt, kann de Start lues sinn, oder d'Betribszäit vun der Batterie sech verkierzen. Dofir kann et passéieren, datt de Computer net start, wann Dir Stroum aus der Batterie benotzt an den iwwrege Stroum niddreg ass.
*12 E Betribssystem, dat zum Zäitpunkt vum Kaf installéiert gouf, kann net ënnerstëtzt ginn.
*13 Jee no Modell, kënnen e puer Google-Applikatiounen installéiert sinn.

Dëst Produkt ëmfaasst folgend Software:
(1) d'Software, déi onofhängeg vun a fir d'Panasonic Corporation entwéckelt gouf,
(2) d'Software, déi am Besëtz vun drëtte Parteie ass, an un d'Panasonic Corporation lizenséiert gouf,
(3) d'Software, déi ënner der GNU General Public License, Versioun 2.0 (GPL V2.0) lizenséiert ass,
(4) d'Software, déi ënner der GNU LESSER General Public License, Versioun 2.1 (LGPL V2.1) lizenséiert ass, an/oder
(5) Open-Source-Software aner wéi d'Software, déi ënner der GPL V2.0 an/oder LGPL V2.1 lizenséiert ass.

D'Software, déi als (3) - (5) kategoriséiert ass, gëtt an der Hoffnung verdeelt, datt se nëtzlech sinn, awer OUNI GARANTIE, ouni och déi geréngst implizéiert Garantie vun allgemenger MAARTGÄNGEGKEET oder EEGNUNG FIR E BESTËMMTEN ZWECK. Kuckt Iech dofir w.e.g. déi detailléiert Geschäftsbedéngungen un, déi dofir affichéiert ginn, wann Dir ⊞ - [Settings (Astellungen)] - [About tablet (Iwwer den Tablet)] - [Legal information (Rechtlech Informatiounen)] - [Open source licenses (Open-Source-Lizenzen)] vum Start-Schierm aus beréiert.

Op mannst dräi (3) Joer vun der Liwwerung vum Produkt un, gëtt Panasonic un all drëtt Partei, déi eis op den ënnen uginne Kontaktinformatiounen kontaktéiert, fir en Onkäschtebäitrag vun net manner, wéi eise Käschte fir d'physescht Verdeele vum Quellcode, eng komplett maschinne-liesbar Kopie vum entspriechende Quellcode, deen ënner der GPL V2.0, LGPL V2.1 oder den anere Lizenzen behandelt ass, mat der Obligatioun sech och sou ze verhalen, och a Bezuch op déi respektiv Copyright-Matdeelung, déi sech doraus ergëtt.

Kontaktinformatiounen: oss-cd-request@gg.jp.panasonic.com

De Quellcode an d'Copyright-Matdeelung sinn och fräi op eisem ënne genannte Website disponibel.
http://panasonic.net/avc/oss/index.html

Iwwer d'Geschäftsbedéngunge vu GPL V2.0 an LGPL V2.1, kuckt Iech w.e.g. d'"Reference Manual" vun dësem Computer un.

MEMO

Panasonic Corporation
Osaka, Japan

Panasonic System Communications Company of North America
3 Panasonic Way, Panazip 2F-5,
Secaucus, NJ 07094

Panasonic Canada Inc.
5770 Ambler Drive, Mississauga,
Ontario L4W 2T3

Numm vum Importateur & Adress geméiss den EU-Direktiven
Panasonic System Communications Company Europe, Panasonic Marketing Europe GmbH
Hagenauer Straße 43
65203 Wiesbaden
Germany

Web Site : http://panasonic.net/

パナソニック株式会社　ITプロダクツビジネスユニット
〒570-0021 大阪府守口市八雲東町一丁目10番12号

© Panasonic Corporation 2013

PS0213-0
P-2012-0777